ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Merci Gast!
Am Oktober zitt den ADR-Deputéierte sech zeréck

Pressematdeelung vum 6. Juli 2020

Den aktuelle President vun der ADR-Fraktioun, den Här Gast Gibéryen, zitt sech am Oktober als Deputéierten zréck. Dat huet de Mat-Begrënner vun der ADR a laangjärege Deputéierten Gast Gibéryen dem President vun der Chamber haut matgedeelt. Den Här Gibéryen hat dëse Schrëtt scho méi laang ugekënnegt an huet decidéiert, dat elo ze maachen, och fir sengem Nofollger , dem Här Fred Keup, genuch Zäit ze loossen, fir sech virun deenen nächste Walen anzeschaffen.

Den Här Gast Gibéryen ass ee vun deene beléiftsten a kompetentste Politiker am Land. Vun 1989 un ass hien als Deputéierte fir de Bezierk Süden an der Chamber. No deene leschte Wale war hie President vum Héijen Haus. Seng Frëndlechkeet, säin onkomplizéierten Ëmgank mat de Leit, säin Humor a säin Engagement, virun allem och a soziale Froen, si bei all Wal vun de Wieler ëmmer méi unerkannt a belount ginn. Seng sécher an intelligent Analysen a seng laangjäreg Erfarung hunn hien zu engem vun deene beschten an och gefaartste Riedner an der Chamber gemaach. Am Parlament wéi och an der ADR-Fraktioun war hien all déi Joren e geschaten an héich respektéiere Kolleeg a Frënd.

D'ADR Fraktioun an déi ganz Partei soen dem Gast Gibéryen e ganz häerzleche Merci fir seng Leeschtunge fir d'ADR, selbstverständlech, awer och fir dat ganz Land, dat him esou um Häerz läit. Si wënschen him vill Freed, Gesondheet an Erfëllung a sengem nächsten Liewensofschnëtt. Seng Decisioun muss ee respektéieren, och wa si natierlech fir d'ADR eng grouss Ëmstellung bedeit.

Säi Virbild a seng sozial Oder bleiwen e Moossstaaf, un deem d'ADR sech och an Zukunft orientéiert.

Matgedeelt vun der ADR Fraktioun

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706